

WANDROUS

Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **70 / 230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

LIONS BLEUS

Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000



LBB Sylvester'23 op 24



! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !

Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.



LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmere an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswëe ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswëe viirbereed ginn?

Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den ,Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Hauptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lët déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllef, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstëtzt och DU ons w.e.g.

mat engem Ordre permanent*

vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€ pro Mount**

op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

mat der Mentioun ,Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ,revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ennen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméisseg Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt villaicht méi liicht ze verkraaften ass Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvërsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!

Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !



Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gültig Memberskaart vun den **LIONS BLEUS**!

Dann ass hei Adress fir dëch:
VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25 D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES !

* DU kriss op **ALL Artikel 10% Ermässeung**,
wanns DU déng **gültig Lions Bleus Memberskaart** firweisen kanns !!!



www.viking-adventures.de

Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussions- iwwer de Klimawandel sozial an ekologesch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbessern wëll an ët ass méttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.



Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gärén un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:

Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat lech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!



Heimat wëll ech méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exempleire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
Dëst op d'Adress:
- ☐ nët méi informéiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

Simply present LBB-STAFF for 2023-2024:

Léif Elteren,

Dëst sinn d'Jugendlécher (an manner Jugendlécher) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hunn d'Formatioun gemaach d'vun der FNEL verlaangt gëtt fir kënne Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.

Zéckt net fir Sie ze kontaktéieren wann Dir Froen hudd oder zousätzlech Informatiounen braucht.



Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:

FLAMMANG Adrien (Loup)

ENGLEBERT Lara (Dama)

HEINEN Catherine (Fugu)

Contacts:

Allgemeng E-Mail: cheffen@lionsbleus.lu

just Chef de Groupe: cg@lionsbleus.lu



BEAVER (BV)

FRISCH Danie (GriGri)

FLAMMANG Raphaël (Mankei)

ORELLANA Ruben (Reebou)

BOURQUEL Chris (Titan)

Konto:

Les Lions Bleus - Beaver

> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

Allgemeng Email: beaver@lionsbleus.lu



MEUTE (LX)

HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

RODESCH Jasmine (Matka)

FLAMMANG Adrien (Loup)

WOHLGENANT Amélie

MILLIM Alex

Konto:

Les Lions Bleus - Meute

> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

Allgemeng Email: meute@lionsbleus.lu



TROUPE (SC)

PIRON Aleksis (Pongo)

PIRON Nicolas

HEINEN Catherine (Fugu)

DUARTE Lea

PEPIN Cédric

Konto:

Les Lions Bleus - Troupe

> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

Allgemeng Email: troupe@lionsbleus.lu



EXPLORER (EX)

LAMAMRA Harry (Mammut)

MAJERUS Max (Lynx)

FRISCH Pit

Konto:

Les Lions Bleus - Explorer

> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

Allgemeng Email: explorer@lionsbleus.lu



ROVER (RO)

HEINEN Nora (Quagga)

ENGLEBERT Lara (Dama) RéserveCH

Email: rover@lionsbleus.lu



TEMBO (TB)

SCHMITT Lex (Atra)

FISCHER Manon (Tamia)

Email: tembo@lionsbleus.lu

OUSCHTER-CAMP | FIR D'MEUTE (LX)



Hallo Kanner, mir sinn ët, den Yogo an den Doc Croc. Et ass esou dass mir lauter stark an muteg Wellfeher brauchen déi eis bei eisem Abenteuer hëllefen. Problem deen mir lo awer hun, ass dass mer eis wonnerbart fliehend SimsalaGrim Buch verluer hun an lo mussen mir zeréck an den Märcheher reesen

fir dass ma eis geléiftend Buch nees rëm fannnen. Sidd dir Stark an Muteg genuch ons bei dëser Rees ze hëllefen? Dann méllt iech lo séier op den SimsalaGrim-Camp un!

Treffpunkt: 30.März'24 um 10h ob der Gare Centralë Lëtzebuerg
Retour: 01.Aprëll'24 um 17h ob der Gare zu Bettembourg



Praiss: **60 Euro**

ze iwwerweisen bis den 15.März'24,
op de Compté: Lions Bleus - Meute (IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)
mat der Mentoun: Sensibadge + Numm vum Kand

Waat brauch ech:

Rucksack, Schloofsaack, dem Wieder ungepassten Kleeder, Pyjama, Bidon, Biergschung, Foulard, eng Mutz, Wäschaachen (Zännbicht, Zahnpasta,...), Täschelucht, Gamellé, dem Wellfechen séng 5 Saachen...

Souche: ass bis den 15.März'24 oofzeginn !

Heimat méllen ech _____ main Kand
_____ um SimsalaGrim-Camp vum 30.03-
01.04.2024 un & iwwerweisen d'Suen & ginn d'Souche pünktlech oof!

Ënnerschrëft: _____






Léif Beaver...

Mir brauchen onbedéngt är Hëllef, sou vill wéi mer nëmme kënnen kréien... Alleguer d'Ouschter-Eeër goufe vun enger mysteriöser Persoun geklaut! Dir musst eis hëllef se all rëmfanne fir Ouschteren ze retten an den Dieb ze faassen.

Allez, verléiert keng Zait a méllt iech séier un!



Wéini? 6ten bis 7ten Abrëll 2024

Start? Samstes_6.04.2024 um 09h10 um Glacis bei den Toiletten

Retour? Sonndes_7.04.2024 um 15h00 beim Parcours Santé Start
(Colpach-Bas, L-8526 Ell / Parking vum Centre de Réhabilitation Colpach-Croix Rouge)



Präiss? **30€** sinn ze iwwerweisen bis den 30.03.24 op den Compte:
"Les Lions Bleus- Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)
mat der Mentioun "Ouschterweekend-2024
+ Numm vum Participant"



Souche? Ass ofzeginn bis zum 30.03.2024

Waat brauchs du ?

Dem Wieder ugepassten Kleeder & Ersatzkleeder, Foulard, Bidon mat Waasser, Täscheluucht, Gamelle (Gamelle, Besteck, Becher, Kichenduch), Schloofsaack, Schloof- & Wäschaachen...

Heimat erlaaben ech méngem
Beaver vum 06.04 - 07.04.2024
um Ouschterweekend vun de Lions Bleus deel ze huelen.

Datum & Ënnerschrëft:



OUSCHTER-CAMP | FIR TROUPE (SC)

Léif Scouten,

Waldmännchen, dës kleng Kreaturen di de Bësch bewunnen, brauchen dréngend är Hëllef!!!

Wou si normalerweis sech an de Crevassen an an den Beem verstoppen, hunn si lo sech un lech gewannt. Hire Wunnraum ass a Gefoor an wéinst hirer klenger Statur ginn si nët Eescht geholl. Sief DU dobäi, wou mir dësem Rätsel nogoën wärten!

Mell dëch also séier un a komm mat op des Aventure!



Rendez-vous:

Freides, den 5.04.2024 um 10:00 op der Gare Centrale de Luxembourg

Retour:

Sonndes, den 7.04.2024 12:00 op der Gare Centrale de Luxembourg

Präiss:

65€

sinn ze iwwerweisen bis den 22.03.2024 op de Compte:

„Les Lions Bleus-Troupe“ (BCEE - IBAN LU65 0019 4955 9100 5000)

mat der Mentioun: Ouschter-camp24 + Numm vum Scout

Souche:

Ass oofzeginn oder du schécks e Mail op: troupe@lionsbleus.lu bis spéitstens den 22.03.2024

Waat brauchst du ?

Dem Wieder ugepasste Kleeder, Biergschong, Täschemesser, Bidon mat Waasser, Gamelle (Besteck, Becher, Kichenduch), Täscheluucht, Schloofsaack, Wäschaachen, dem Scout séng siwen Saachen,...



Heimat erlaaben ech _____ méngem Scout

_____ um Ouschter-Camp

den 5.04.2024 - 7.04.2024 deelzuhuelen.

Ennerschrëft: _____



Sixplo 2024

FUN!



Wéi all Joer ass och dës Joer rëm ee Sixplo. Dëst Joer kritt dir Chance bëssen an den Zirkus ranzeschnupperen a selwer mat ze maachen!



Wéini?

RDV Sixer:

27. Abrell'24 um 14h00 beim CBDM Home

RDV Meute:

28. Abrell'24 um 08h30 Gare Centrale bei der Police

Retour:

Sixer a Meute:

28. Abrell'24 um 17h20 op der Gare Centrale bei der Police

Präiss:

Sixer_35 Euro & Meute_15 Euro

op de Konto vun der Meute (LU56 0019 4955 9099 1000) ze
iwwerweisen mat der Mentioun: Sixplo 2024 + Numm vum Kand
> Bis spéitstens den 30. Mäerz 24 !!!



Waat huelen ech mat?

Meute: Eng Verkleedung am Thema Zirkus, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, Bidon a ganz vill Motivation !

Sixer: Schlofsak, Bidon, dem Wieder ugepasste Gezei, Täscheluucht, Biergschung, eng Gamelle eng Verkleedung am Thema Zirkus, dem Wëllefchen séng 5 Saachen a ganz vill Motivation !

Souche: Ass ofzeginn bis den 30. Mäerz 2024 !!!



Heimat mellen ech _____ méngem Kand

_____ mat op den FNEL Sixplo 2024 ze goen

& iwwerweisen d'Suen & ginn d'Souche pünktlech oof!

Allergien/Diäten: _____ Ënnerschrëft: _____



LBB SCHAFF-WEEKEND



UN ALL

EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéieren, Plättercher déi lass sinn an ...

Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 27.-28.04.2024 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wäerten all déi Lët belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):)

Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!

WICHTEG INFOS:


Rendez-Vous: Den 27.Abrëll 2024 um ...8 Auer MAT Kaffi
...9 Auer OUNI Kaffi

Schluss: Den 28.Abrëll 2024 gënt 16 Auer.
Wou? Natiirlech am Home.

Waat brauchst du? Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...

Unmeldung/Souche?

Dës kanns du oofginn bei engem Chef/Comitésmember oder du schécks e Mail op: cg@lionsbleus.lu



Heimat mellen ech _____ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den 27.-28.Abrëll 2024 un & kommen Samstes op de Start:



um 8 mat Kaffi



um 9 ouni Kaffi

(WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: _____

Moien Léif Beaver!

Am Laf vun desem Joer hu mir scho vill gebastelt fir Suen ze sammeln dei mir un "Natur an Ëmwelt" spenden kennen. Op dëser Sortie maache mir weider mat eisem Projet an bastelen déi verschiddenste Saachen! Dat ganz am Thema Nohaltegkeet a Recycling!

Wanns DU och dobäi wëlls sinn, da mell dech séier un!



Rendez-Vous:

4. Mee 2024 um 10:00 an eisem Chalet zu Bouneweg

Schluss:

4. Mee 2024 um 17:00 an eisem Chalet zu Bouneweg

Präiss:

Gratis

Waat brauch ech:

>>> PIC-NIC fir Mëttes, Foulard, kleng Rucksak, gefüllte Bidon, dem Wieder ugepasste Kleeder, an natiirlech Motivatioun ;)



Heimat erlaaben ech
méngem Beaver den
04.05.2024 un der SORTIE vun de Lions Bleus deel ze huelen.

Datum & Ënnerschrëft:

.....

Olympesch Beaverspiller 2024



Mir invitéieren
iech op
d'olympesch
Beaverspiller
den 9. Mee 2024
vun 11:00 - 16:00 Auer
zu Miersch am Park

Fir d'Mëttegiessen soll dir
e Pic-Nic matbréngen

Umeldung bis den 31. März 2024 bei engem vun dénge Cheffen
an per Iwwerweisung vun 10€ mat der Mentioun:
„BFD'24 + Numm vum Kand“ op de Compte:
Les Lions Beaver (IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)

>>> Déi genee Auerzaiten Start&Retour & wou kommen no - No der Umeldung <<<

Heimat erlaaben ech méngem Beaver

..... um Beaver FunDay vun der FNEL den
09. Mee 2024 deel ze huelen.

Datum & Ënnerschrëft:

LBB goes Olympics



Wëll dëst Joer d'Summer Olympesch Spiller zu Paräis statt fannen, hu mir eis geduecht firwat maache mir net eis eege Spiller!

Mee wat sinn d'Olympesch Spiller?

D'Olympesch Spiller ass eng Kompetitioun tëscht Athleten a verschiddenen Sportarten. Erfonnt goufen d'Spiller 700 viru Christus a Griichenland! Haut fannen d'Spiller all 4 Joer statt an iwwer 28 Sportarten trieden un. Mir maachen dat Ganz natierlech an engem méi klengen Kader. Bei Eise Lions Bleus Olympics verbanne mir Campliewe mat Olympesche Challenges.

Trajet oder Sprinten, Stratego oder Wäitsprong, Konstruktiounen oder Héischsprong?

Firwat net déi 2 Saache verbannen?

Also méllt iech séier u wann et heescht, LBB goes Olympics!

Ufank? Samschdes, den 18. Mee 2024 (Platz an Auerzäit kritt Dir nach gesoot)

>>> RV fir SG/EX: +/- 9-10h00

>>> RV fir LX: +/- 14h00

Schluss? Méindes, den 20. Mee 2024 (Platz an Auerzäit kritt Dir nach gesoot)

>>> RV fir Jiddereen: +/- 15-16h00

Souche? Ass ofzeginn bis den 1. Mee 2024

Präis? 50 Euro si bis den 11. Mee 2024 op de Konto vun Les Lions Bleus - Meute (LU56 0019 4955 9099 1000) mat der Mentioun: PC2024 + Numm vum Kand ze iwwerweisen.

Material?

Schlofsak, Carrymatt (mir schlofen Dobaussen!), Wäschsaachen, dem Wieder ugepasste Kleeder (och Kleeder géint de Reen a Keelt!), Komplette Gamelle, Kichenduch, Ersatzkleeder/Ënnerwäsch, Kap, Sonnecrème, 1 L Bidon ...

Ech mellen héimadder mäi LX/SC/EX

..... un, fir de Pëngschtcamp vum

18.-20.05.2024 vun den Lions Bleus.

Ënnerschrëft



SORTIE | FIR TROUPE (SC)



Hues du ni Loscht gehaat dëch weéi den Tarzan ze fillen?
Kruus awer ni d'Méiglechkeet dozou?
Wolls schon ëmmer wéi e Pilot d'Aerd vun uewen gesinn?
Awer du bass nët geübt am Kloteren?
Waat fir eng Chance hues du dann elo, dass grad elo mir
eng Klotersortie maachen.
Mell dëch also elo un, dass de dës EEMOLEG Chance nët
verpass!

Rendez-Vous:

den 08.06.2024 um 10h00_Gare de Luxembourg

Schluss:

den 08.06.2024 um 17h00_Gare Bettembourg

Waat brauch ech:

dem Wieder ugepasste sportlech Kleeder, Foulard.

klenge Rucksack mat:


gefëllte Bidon, Picknick, Sonnecrème, Kaap an vill Motivation :)

Praiss:

25€, sinn ze iwwerweisen bis spëtstens den **1.Juni 2024**,

op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (LU65 0019 4955 9100 5000)

mat der Mentioun: Klotersortie + Numm vum Scout



Heimat erlaben ech méngem Scout
..... op der KloterSortie den 8.Juni'24
vun den Lions Bleus deelzehuelen.

Ënnerschrëft:



Léif Beaver,

d'Ganz Joër wor der ëmmer flaisseg mat dobai, hudd gudd matgemaach ... Dofir gët et dann lo och héisch Zait, dat mir eist Fell & Patten mol nees am Waasser bewegen an nët méi nëmmen un Land.

... Komm och DU mat op eis SchwaamSortie an Syrdll Schwemm ...

WEINI?

Samstes, den 29. Juni 2024

START & RETOUR?

14H00 + 18H00
Syrdall Schwemm zu Niederanven
(Routsched, 6939 Senningen)



PRAISS?



5€ sinn ze iwwerweisen bis den 15.06.24 op den Compte:
"Les Lions Bleus- Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)
mat der Mentioun "SchwammSortie+ Numm vum Participant"

SOUCHE?

Ass ofzeginn bis zum 01.06.2024

WAAT brauchts du ?

Foulard, Schwammsaachen (Maillot, Schammbbox, Schwammkaap, Schwammärmercher, Buedduch, Seef & Shampoo), Bidon mat Waasser, ...



Heimat erlaaben ech méngem
Beaver vum 29.06.2024 mat
op d'SchwammSortie vun de Lions Bleus deel ze huelen.

Datum & Ënnerschrëft:



SUMMERCAMP

2024

Och eis kléngt Ländchen huet
immens vill Iwwerraschungen ze
bidden. Eis Ziel wäert et sinn all déi
schéin Ecker vu Lëtzebuerg kënnen
ze léieren. An do wäerte sécherlech
och Plazen dobäi sinn, deits du
garantéiert net kenns :)
Dofir mëllt dech séier un, wann et
heescht "Ëmmer der Wandrous
no!".

"ËMMER DER
WANDROUS NO!"



WÉINI?

05.-10. AUGUST



PRÄIS?

200 € sinn op de Konto
LU56 0019 4955 9099 1000
ze iwwerweisen mat der
Mention Summercamp 24 +
Numm vum Kand



UMELDUNG?

BIS DEN 01. JUNI OP
SUMMERCAMP.LBB@GMAIL.COM



WEIDER INFORMATIOUNE KOMME NO!

PROGRAMM BEAVER

06.-07.04.2024		WEEKEND
13.04.2024		keng Versammlung - Vakanz
20.04.2024	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
27.04.2024	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
04.05.2024		SORTIE
09.05.2024		FNEL BV FunDay
11.05.2024	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
18.05.2024		keng Versammlung
25.05.2024		keng Versammlung - Vakanz
01.06.2024		keng Versammlung - Vakanz
08.06.2024	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
15.06.2024	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
22.06.2024		FAACKELZUCH & LBB GRILL à voir
29.06.2024		SORTIE
06.07.2024		LÉIWEFEST
14.07.2024		POW-WOW
16.07.-15.09.2024		SUMMER-VAKANZ :)

PROGRAMM WËLLEFCHER

30.03.-01.04.2024		CAMP
06.04.2024		keng Versammlung - Vakanz
13.04.2024		keng Versammlung - Vakanz
20.04.2024	14:00 - 16:00	Versammlung
27.+28.04.2024		FNEL Sixerdag & SO_Sixplo
04.05.2024	14:00 - 16:00	Versammlung
11.05.2024	14:00 - 16:00	Versammlung
18.-20.05.2024		PËNGSCHTCAMP
25.05.2024		keng Versammlung - Vakanz
01.06.2024		keng Versammlung - Vakanz
08.06.2024	14:00 - 16:00	Versammlung
15.06.2024		SORTIE (Fest vun der Natur)
22.06.2024		FAACKELZUCH & LBB GRILL à voir
29.06.2024	14:00 - 16:00	Versammlung
06.07.2024		LÉIWEFEST
14.07.2024		POW-WOW
16.07.-15.09.2024		SUMMER-VAKANZ :)

PROGRAMM SCOUTEN

05.-07.04.2024		CAMP
13.04.2024		keng Versammlung - Vakanz
20.04.2024	14:00 - 16:00	PatrullenVersammlung
27.04.2024	14:00 - 16:00	TruppenVersammlung
04.05.2024	14:00 - 16:00	PatrullenVersammlung
11.05.2024	14:00 - 16:00	TruppenVersammlung
18.-20.05.2024		PËNGSCHTCAMP
25.05.2024		keng Versammlung - Vakanz
01.06.2024		keng Versammlung - Vakanz
08.06.2024		SORTIE
15.06.2024	14:00 - 16:00	TruppenVersammlung
22.06.2024		FAACKELZUCH & LBB GRILL à voir
29.06.2024	14:00 - 16:00	PatrullenVersammlung
06.07.2024		LÉIWEFEST
13.-14.07.2024		POW-WOW
05.-10.08.2024		SUMMERCAMP
16.07.-15.09.2024		SUMMER-VAKANZ :)

PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

20.04.2024	EX Versammlung
27.04.2024	EX Versammlung
28.04.2024	FNEL RO Walk To Nepal
04.05.2024	FNEL EX Raid & SeefeKeschtenRenr
11.05.2024	EX Versammlung
18.-20.05.2024	PËNGSCHTCAMP
25.05.2024	keng Versammlung - Vakanz
01.06.2024	EX SORTIE
08.06.2024	EX Versammlung
15.06.2024	EX Versammlung
16.06.2024	FNEL RO/TB BeachVolleyBall
22.06.2024	FAACKELZUCH & LBB GRILL à voir
29.06.2024	EX Versammlung
06.07.2024	LÉIWEFEST
13.-14.07.2024	POW-WOW
05.-10.08.2024	SUMMER-CAMP
23.-25.08.2024	FNEL TB Hunt'it

RAPPORT Exceptionnel | CHEFFEN am Ausland



Rapport Nepal Wandrous

Namaste aus dem Nepal,

Virun elo schon zwee Méint sinn ech an den Nepal komm. Dëst well ech ee Volontariat vu 5 Méint bei der ONGD-FNEL maachen, déi sech fir verschidde Projeten am Nepal asetzt. Ech si virun allem zu Pokhara bei Right4Children, wat eng Organisatioun ass, déi sech fir eng kannergerecht Educatioun fir Jonker asetzt an awer och spezifesch Fraen hëlleft, déi am 'adult entertainment sector' schaffen.

Ech probéiere méin Deel dozou bäizedroen, andeems ech zesumme mat enger Volontärin aus England, a verschiddenen Schoulen ausserschoulesch Aktivitéite maachen. Mir ginn och nach an eng aner Schoul wou Jonker eng Ausbildung an der Hotellerie kréien, wou mir Englesch Coure ginn. D'Aarbecht mat de Kanner an deenen Jonken ass mega interessant an et léiert een ëmmer eppes Neies. Virun allem léiert een och vill iwwert dëst Land an dat Liewen, dat ëngem emmer esou weit fort geschéngt huet. An et gëtt definitiv esou vill ze entdecken, kulturell, awer och kulinäresch, landschaftlech a Liewensweis méisseg. Ech besichen och aner Projete vun der ONGD an Aktivitéite vu Right4Children, wat léierräich ass a mir och wéist wéi eng Organisatioun schafft a wat fir Defien ee kann hunn.

Natierlech erkunden ech och d'Stad a war och schon op engem Trekking an de Bierger, wat einfach mega ass.

Ech frëe mech schon op déi nächst Méint

Ganz léif Gréiss aus Pokhara,
Tasha



RAPPORT Assemblée LBB | GROUPE (GR)

D'Lions Bleus hatten d'Joer all hier Memberen de 27. Januar op hier Assemblée Générale um Fetschenhaff agelueden. Um 15h hunn sech als éischt emol d'Kanner beim Chalet vun der FNEL getraff fir do zesummen d'lesse fir Owes virzebereeden. D'Beaver an d'Wëllefcher hate kleng Schnittercher gemaach an d'Scouten an d'Explorer hate Pancakes mat leckeren Toppings gemaach. Um 17h30 sinn dann och d'Elteren, Familien a Frënn vum Grupp zesumme komm fir den Offiziellen Deel vun der AG. No der Usprooch vun eisem Präsident an der Präsentatioun vum Budget, hunn d'Branchen och hier Aktivitéite vum leschte Joer virgestallt. Virun allem de Video vum Summercamp huet de Membere gefall an huet fir e puer Laache gesuergt. Nom offiziellen Deel gouf et dann ee klénge Pätschen an d'Léit konnten de Kanner hier lecker Saache genéissen. An esou hu mir all zesummen den Owend gemittlech ausklénge gelooss.



RAPPORT Weekend | BEAVER (BV)

Samschdes moies hu mir eis um 10 Auer bei d'Rotonden getra?. Vun do aus hu mir eis dunn ob de Wee gemaach. Mir hatten ee klengen Trajet duerch Staat bis bei d'Home gemaach. Mëttes gouf et du Lasagne-Zopp. Genau dir hudd richtig gelies, Lasagne Zopp! Déi war richtig gutt a mol eppes aaneres. Nom Mëttegiessen an de Chargen konnten mir eis dann endlech em eis Hochbeeter bekëmmern. D'Beaver konnten hirer Kreativitéit fraie Laaf loossen an d'Hochbeeter esou umole wéi Sie daat wollten. Nodeems eis ganz Kreativitéit an eis Hochbeeter ge?oss ass, gouf et dunn eng richtig a wichtig Stäerking mat Banannen an Äppel. No der Collatioun hatten eis Beaver dunn erëm richtig vill Energie an hier Che?en missten sech eppes afale loossen, fir dass Sie hier Energie kënnen eraus loossen. Do?r waren mir dunn eng ganz Stonn dobaussen, wou d'Beaver hier ganz Power eraus gelooss hunn. Duerno hunn Sie nach eng richtig ?ott Bastel gemaach, wou si Tawashi Schwämm aus ale Strëmp gemaach hunn. Duerno gouf et dunn och schon Zäit d'Owesessen ze preparéieren, et gouf PIZZA. Nom lessen hu mir dann nach puer Spiller gemaach, bevir mir den Owend mat engem gemittlechen Film a Popcorn ofgeschloss hunn.

Sonndes moies, sinn mir da mol gemittlech um 8 Auer an den Daach gestart. Ganz gemittlech hu mir da gefrühstückt an Théi gedronk, bevir et dann um 9 Auer lass gaangen ass fir an den Natur Musée ze goen. Mir ware bessen ze fréi do an hunn dunn nach eng kleng Visite bei d'Melusina gemaach an de Kanner d'Geschicht vun him gezielt. Duerno ass et dann lass gaangen mat offizieller Visite am Musée. Et war richtig cool am Musée, an zum Ofschloss hu mir dann d'Rutschbahn geholl bevir mir dann all Heem gaangen sinn.



RAPPORT Sortie | BEAVER (BV)

D'Beaver hun sêch den 2. März 2024 um 12:00 Auer zu Rëmerschen virum Biodiversum getraff. No engem stäerkenden Pic-Nic gounng ët dann direkt lass mat engem Actionbound deen eis ronderëm d'Baggerweieren an d'Naturschutzgebitt geféiert huet. Ënnerwee konnte mir op vill interessant Froën äntwerten an hunn vill iwwert d'Biodiversitéit geléiert. No eisem Trëppeltour hunn mer dann nach eng Visite vum Biodiversum gemaach, wou mer weider Déiere konnten gesinn déi ët am Naturschutzgebitt gëtt. Zum Schluss krute mer nach eppes fir doheim ze bastelen an dunn ass ët och schonn erëm Heem gaangen. **Chris**



RAPPORT Fues-WE | MEUTE (LX)

Rapport LX Weekend Espionnage den 24.-25. Februar

Mir hunn eis op der Stäreplaz getraff. De Weekend huet domadder ugefaangen, dat mir dem Agent 021 hëllef misste fir ee Fall ze léisen. Awer dofir misste mir als éischt eng Ausbildung maachen. Déi huet bestanen aus: Uschlächchen, Kniert maachen a Messagen op Geheimschrëft schreiwen. Bei all Poste krute mir ee Stéck vum Bréif, deen den Agent 021 fir ons geschriwwen huet. Wéi mir am Home vun de Loutres ukomm sinn, dierfte mir nach net an den Dortoir. Mir hunn ëmmer rëm gefrot fir an den Dortoir zegoen, bis de Loup gesot huet dat mir soss dobausse schlofe mussen. Dunn huet jiddereen nâischt méi gesot. Den Owend hu mir flott Spiller gemaach wéi Twister, Uno, Billy Biber. Dann hu mir Loup Garou gespilt a sinn e bëssi méi spéit an d'Bett gaangen (Zwee vun ons si schonn éischter schlofe gaangen).

Den nächste Moie ware mir schonn um halwer 8 wakereg. Um 8 Auer ass d'Bagheera eis dann och erwësche komm an huet gesot dat mir Frühsport maache missten. Jiddereen huet sech gefreet, wëll jidderee geduecht huet, dat mir dobanne Frühsport maache, wëll et dobausse gereent huet. Mee mir hunn net mat de Cheffe gerechent, wëll mir sinn awer eraus gaangen. Nom Moiesiessen hate mir manner Programm a hunn zum Beispill eise Rucksak gepackt (wat laang gedauert huet). Duerno hu mir nach Loup Garou gespilt, zu Mëtteg giess an du wo de Weekend dann och fäerdeg. Mir hunn eis Schlappen ausgedoen (d'Schlappen haten d'Cheffen aus dem Home matgeholl, si denke wierklech un alles). Mir sinn dann eraus gaangen an do hunn och schonn déi éischt Eltere gewaart. Mir hunn nach eng Chaine des adieux gemaach a sinn Heem gaangen. Dat wo ee super Weekend do si mir mengen ech all averstan. Déi Cheffen déi do waren: Loup, Bagheera a Matka. Ons léif Cheffen hunn dofir gesuergt dat de Weekend super cool a voller Action wo!

Geschriwwen vum: **Basia an Anna**



RAPPORT FNEL Explo | TROUPE (SC)

Mir hunn eis moies um 9:00 Auer um Parking bei der Schoul getraff vir um alljährechen Explo deel ze huelen. Et ass domadden lass gang, dass mir Koordinaten vun den Cheffen kruuten an rausfannen missten weien Wee mir huelen sollten. Mir hunn eis dann op den Wee gemach bis op den eischten Posten wou mer dann en Breif kruuten an dem en verschlesselten Text stung deen eis dann weider bis op den nächsten Posten sollt feiern. Op den verschiddenen Posten kruuten mir dann Tipps an Tricks baibruecht wei mir eis besser kennen orienteieren. No all Posten kruut een rem en aaneren Text mat enger Verschlesselung. Um Enn beim leschten Posten goufen mir ofgeholl an bei d'Mierscher Gare gefouert well et leider mat der Zait net ganz op gang ass. Et war awer insgesamt en ganz flotten Dag an et hued een vill nei Leit kennen geleiert. **Mo Streff**



RAPPORT Sortie | TROUPE (SC)

Mir hunn eis Samstes moies den 24. Februar um 10:00 um Parking op der Kockelscheier getraff fir eis Schlittschongsortie. Wou mer all do waren, si mer zesummen eragaang an hunn eis prett gemeet fir ze fueren. Mir sinn zimmlech laang gefuer. Et huet mega Spaas gemeet. Mir haaten zum Schluss nach en bëssen Zait, dofir sinn mer nach en bëssen op d'Spillplaz gaang. An duerno missten mer leider nees Heem goen. Fun Fact: Mir haaten all een Pic-Nic dobäi, ausser een, deen huet sech een Burger mat Fritten kaf, obwuel hien déi net gären huet. Dowéinst hunn déi aner all d' Fritten fort giess ;) **Leena**



RAPPORT Quiz | ROVER/TEMBO (RO/TB)



MERCI un JIDDEREEN deen dobai wor an zu der super dupaaaa Stëmmung baigedroen huet :)

>>> **MIR** haaten ganz vill Spaass mat ierch zesummen an gratulléieren den **Eechternoacher Quachlécken** a freeen EIS schon op nächst Joër ...



RAPPORT Techuana | GROUPE (ab EX)

TECHUANA'24

Freides Owes hu mir eis schon am Chaos getraff, well d'Amélie DE Kuch vergiess haat. Trotz deem klengen Malheur, hu mir direkt eis Saachen zesummen gepaack an an den Minibus gelueden, paralell hun di aaner den Nuddelgratin fir owes préparéiert an daat mat 2 kg Nuddel fir 7 Léit ?? Natiirlech wor daat vill ze vill an dobai nach drëschen, mee trotzdem huet et gudd geschmaach an den Recht ass zeguer mat an Éisterraich geholl ginn. D'Ambiance wor ganz gudd an sou gouf och direkt nach eng Rei Mexiko/Mäxchen/21/Ligener gespilt.

Moies ass et dann fréi lass gaangen, fir dass mer pünktlech ukommen. Dest Ziel konnten mer leider nët ereechen, well mer 3 Stonnen am Stau stungen. D'Laun ass am Bus awer net vergaangen, an mir hun sou am Stau nei Kollegen fonnt. Schlussendlech si mer verspéit mee gesond ukomm. Schnell doheem bescheed gesoot dat mer gudd ukomm sinn an dun gouf ausgelueden an déi éischt Saachen installéiert. Dono gouf et eng Lecker Spaghetti, mir hun Chargen gemeet, bessi eppes gespilt an schon gOUNG et an d'Penntutt.

Sonndes, gouf de den ganzen Chalet viirbereed (Holz hacken, Schlauch leen, Gebotzt an all Saachen prett gemaach fir ganz Woch, ...) dono gouf et ze lessen an no der Stärkung hun mer een Tour iwwer TechuanaGelände gemaach. Dobai hu mer lauter speziell Entdeckungen gemaach, zB hu mer 4 Grabsteng fonnt an méi genee analyséiert.

Dun wor et schon Méindeg an mir sinn Richtung Gerlitzten op den Buerg/Pisten gefuer. Well mer sou e klengen Grupp waren, sinn mer all zesummen gefuer an sinn gudd virun komm an konnten déi wonnerschén Landschaft genéissen. Eigendlech wollten mer den 2.Versuch fir an d'Schwämm woen, nodeems Sonndes alles voll wor (well Semesterferien sinn), mee daat hu mer dann dach geloss an een Dag méi gestonk ?? Daat huet dann och gudd gepasst, well mer deen Owend LënsenBurger giess hun an den Lynx gemengt huet, hien misst dës a Form vun 'Gaz' nees lass ginn...

Den Dag drop waren mer zu Nassfeld, waat nach méi schén wéi Gerlitzten wor, wou eisen 'Kroko' Manon wéi Méindes d'Pisten eroof gedüst ass. Dat huet dofir gesuergt, dass et oft sutz an sain Krokodilshwanz gefruer ass. Den Owend konnten mer dann endlech an Piscine fir ze Duschen an eben hei och Rutschbahnen & co ze testen. Den neien Rekord intern LBB, huet sèch Manon ergattert, hat wor nët ze knacken ??

E Mettwoch sin mer op Bad Kleinkirchheim gefuer. Anscheinend waren mir schon méi laang nët méi do. D'Piste waren ganz gudd an flott ze fueren. Allerdings vun der Landschaft nët esou flott wéi déi aaner 2 Deeg. Mir waren schon e bessi fëx ennerwee sou dat mer schwups laanscht Tamia & Lynx gefuer waren fir eriwwer op Mettelstation, an sou mussten mer een Stéck eroptreppelen laanscht Pist, fir eben nach emol eng letzt Descente kënnen ze maan. Dono wor leider Hütt zou, op déi mer nach luussen goen wollten. Sou sinn mer dann bei den Auto/Bus eroof gefuer firm at Zait nees an Techuana ze sinn. Mir waren dun op déi gloraich Idee komm fir an den 'TechuanaRiver' ze goen...Sou sinn den Lynx, Amélie & Manon bei enger BaussenTemperatur vun knapp 5 Grad an d'Baach gehopst an Tamia & Nora vun daat belicht, gefilmt an gudd gelaach. Dono wor ët hinnen gudd waarm an mir konnten zu Nuecht iessen an den Owend no den Chargen gemiddlech mat puer Spiller ausklengen loossen.

AMÉLIE, MANON & NORA



RAPPORT Techuana | GROUPE (ab EX)

Donnesten, wéi all Moien sinn mer fir 7:00 opgestaanen an dann wor um 07:30 Carrée. Do gouf gesoot waat deen Dag unstoung. Wéi ëmmer, ob de Bierg an owes an d'Piscine fir eis frësch ze maan an ze entspaanen. Mir ginn ran an Frëhstücken gemeinsam, dono gët de Picknick préparéiert an alles an den Minibus gelueden. Dono geet et och schon lass an mir sinn haut Richtung Katschberg bei den 'Katschi' gefuer. Do missten mir mol feststellen dass alles aneschtens ausgesinn huet, wéi déi Joeren virdrun. Den Parking war ob enger ganz aanerer Platz. No der léiwer Orientéierunghëllef vun den Jongen dohannen, hunn ma dun och séier eng Platz fond an ons séier prett gemaach fir kënnen d'Navette bei den Start vum Skigebitt ze huelen. Mir fueren dann mat dem Lift bis ganz no Uewen, an sausen schnell déi éischt Pisten rof. Den Moien wor gudd verlaaf an mir kruten e ganzen Koup vun Pisten hin. Dann sinn ma fir Mëttes rogefuer fir eppes ze iessen. Wéi all Mëtten, hun mer eisen leckeren PicNic mat Schmieren an Geméis an der Sonn genoss. Schons konnt et nees weidergoen no eiser Stärkung, an mir hun nach séier eng Kéier angecremt an hun eis op den Wee gemeet mam Ski/Snowboard fir rëm erop op den Bierg. Sou giong et dann weider bis +/-16:00 wou mer op eng Hütt eppes klenges drénken an verschiddener eppes klenges leckeres giess hun.

No der Stärkung sinn mer dann nach bis bei den Auto gerutscht, hun alles ausgedoen an verlueden an sinn fort gefuer fir an d'Schwämm. Do hunn mer eis als éischt gewäsch an dono relaxéiert ob den Liegen, hunn probéiert den Schnellsten ob der Rutsch ze sinn oder woren an der Sauna an hunn Liewen genoss. Als mir dann rëm doheem an den Chalet an Techuana gefuer sinn, gouf flaisseg eis lecker Fondue préparéiert. Well wéi ëmmer Donneschtes an Techuana, hunn mer eis zesummen gesaat eis gudd Fondue giess an genoss. Nom lessen ass dann gespult ginn, an Chargen gemaach ginn, mee waat wär Techuana ouni den Jungle Speed Owend? Natierlech sinn do rëm puer Léit iwwert den Dësch gezunn ginn ehe mir dann all gudd midd an d'Bett gefall sinn.

Freiden, sinn ma nees 7:00 gesart mam Carrée um 7:30. Et war och lo schon eisen letzten Daag an Techuana an fir op den Bierg. Mee befiir mir Traueren, hun mer dësen Dag nach esou richtig genoss. Mir frëhstücken gemeinsam, an Paacken alles an den Bus. Dann geht et lass, an haut fueren mir op d'Turracher Höhe. Dohannen ukomm, wussten mir schon wi den Hues leeft an mir lueden direkt Alles aus, doen eis Saachen un an schons giong et lass no uewen op de Bierg. Mir fueren sou schnell ma wollten Bierger roof an sou lues et gaangen ass erëm erop. Haut um letzten Dagg, sinn mir dann ob eng Hütt gefuer, waat net sou einfach wor bei deem gudden Wieder, mee mir haaten eng fonnt an hun dun regional an ganz lekker do giess... Et goufen Käsespätzlen, Burger an Schnitzelen. Natierlech misst den Lynx dann een Glass an zwee brieche... Mee net schlemm... No deems mir all puer Kilo méi haaten, sinn ma dann opgestaanen an sinn rëm an ons Ski/Snowboard gesprongen an lass gefuer. Mir haaten nach déi aaner Säit erkundet. Do hunn ma zesummen een Abstecher an den Funslope gemaach, waat mega witzeg wor. Sou lues ass dann den letzten Lift gefuer, an mir sinn dann halt eroof an eng Hütt gefuer, wou ma dann nach dei letzte Momenter genoss hunn an eis gestärkt hun mat Germknödel & Kaiserschmarrn, waat natiirlech nii feelen duerf an enger Skivakanz an Éisterraich. Als ma rausgangen sinn dierft déi letzte SchnéiBallSchlacht och net feelen.




RAPPORT Techuana | GROUPE (ab EX)

Dono sinn ma dann, zwar bessi freckt zeréck an Techuana gefuer an missten alles anpacken, fir dat nom lessen den Bus konnt gelueden ginn. Währenddems huet den Maki wéi all Owend rëm wonnerlecker gekacht. Mir hunn dann zesummen giess an gespullt, färdeg gepaack an alles verlueden fir d'Heemrees. An dunn, wien hätt ët geduecht, een Jungle Speed Owend rëm gehaat (awer nët sou laang wi soss) Als mir dann komplett färdeg waren, sinn mir dann an Bett gefall. **JASMINE**

Samstesmoies ass ët schon fréi, ganz fréi lass gaangen. Hei gOUNG Alles ganz schnell...Opgestaan, Penntuut agepaack an am Auto verstaut, Chaufferen e schnellen Kaffi gedronk, nach emol schnell naass duerchgewëscht an zougespaart. Lo gouf den Fändel nach offiziell (dat muss absolut sinn) eroof gezunn an Techuana EDDI gesoot bis nächst Joer. Lo huet ët fir déi Jonk geheescht, ët s'ech gemiddlech ze maan fir déi nächsten Kilometer Richtung Lëtzebuerg. Sou hun mer dann op den Wee gemaach, an der Hoffnung dat ët besser rullt wéi fir dohinner. Daat wor dann och den Fall an mir sinn einegermossen gudd virun komm. Géint 9h00 eng kleng Paus fir eng Metsch an Chauffierwiessel an schon gOUNG et weider...kuerz hanner Stuttgart Metteg gemaach an lo wor ët nët méi sou wait bis Heem. Fir ongeféier 18h00 woren mer dann och zu Boubeweg, wou mer dann doheem bescheed gesoot hun, an direkt Alles ausgelueden hun, an deels gebotzt an geraumt hun, Paralell den Bus zeréckgefouert, Pizza bestallt an dono bei engem gemiddlechen Feier giess hun. Dono ass eisen letzten owend gestart an mir hun nees puer Spiller gespillt an natiirlech och Jungle Speed bis keen méi konnt. Dono sinn mer schloofen gaangen.

Sonndes sinn mer bessi méi spéit opgestaanen, hun zesummen Kaffi gedronk, letzt Saachen geraumt an schon sinn eis Elteren eis sichenkomm. Mir hun nach eng zwou Anekdoten an der Affart vum Home lassgeloss an hun eng Chaine des Adieux gemaach.

MERCI nach emol fir déi gudd Stëmmung an MIR freen eis schon op daat nächst Joër ;)



OSTERKUCHEN

POKE CAKE

Dieser Kuchentrend ist so einfach wie genial: Nach dem Backen wird der Teig „durchlöchert“ und mit einer Pudding-Sauce gefüllt

DIY-GIRLANDE



MÖHREN-KUCHEN mit Pudding und Frischkäsecreme

Den Kuchen backen: Das Mehl, das Backpulver, das Salz und die anderen Gewürze vermischen. Das Öl, den Zucker, die Eier und die Vanillepaste unter die trockenen Zutaten mischen. Die Möhren, die Ananas und Walnüsse unterheben. Den Teig in eine gefettete Form (24 cm Ø) geben und im vorgeheizten Ofen bei 180 Grad Umluft (200 Grad Ober- und Unterhitze) 45 bis 55 Minuten backen (Stäbchenprobe machen).

Füllung und Frischkäsecreme: Den Pudding für die Füllung mit der Milch und dem weißen Zucker nach Packungsanweisung zubereiten und flüssig weiterverarbeiten. Für das Frischkäse-Frosting die Schokolade hacken und über einem Wasserbad schmelzen. Die leicht abgekühlte, aber noch flüssige Schokolade mit dem Frischkäse verrühren. Die weiche Butter und den Puderzucker dazugeben und mit einem Handrührgerät ca. 1 Minute glatt und cremig schlagen.

ZUTATEN FÜR 1 KUCHEN

320 g Weizenmehl, 3 TL Backpulver, ½ TL Salz, 2 TL Gewürz-Mix (je ½ TL Zimt, Ingwer und Muskatnuss, gemahlen), 240 ml Pflanzenöl, 250 g brauner Zucker, 4 große Eier, 1 TL Vanillepaste, 400 g Möhren (gerieben), 1 Dose Ananas (gehackt), 125 g Walnüsse (gehackt), 1 Päckchen Vanillepudding, 500 ml Milch, 40 g weißer Zucker, 200 g weiße Schokolade, 400 g Frischkäse (Zimmertemperatur), 100 g Butter (Zimmertemperatur), 150 g Puderzucker

all ca. 723 kcal/3021 kJ, 11,1 g Eiweiß, 39,5 g Fett, 79,1 g Kohlenhydrate (pro Stück/ergibt 12 Stücke)



Du kannst die Füllung je nach Geschmack verändern: Beliebt sind fruchtige Saucen, aber auch schokoladig ist sie unschlagbar.

OSTER-POKE-CAKE
Piksen, füllen, bestreichen:
So einfach geht's!



Dem

LEO LÉIF

sain Rezept fir:
**OUSCHTER
POKE CAKE**



1 Den gebackenen Kuchen abkühlen lassen. Mit einem Holzstiel gleichmäßig verteilt Löcher bis zum Boden hineinstecken. Wer seinen Poke Cake mit einer flüssigeren Füllung herstellen möchte (z.B. Fruchtsirup), kann die Löcher mit einer dicken Stricknadel einstecken.

2 Für die Füllung den Pudding, solange er noch warm und flüssig ist, vorsichtig in die vorbereiteten Löcher gießen oder mit einem Spritzbeutel hineinfüllen. Den Pudding abkühlen und fest werden lassen, bevor es mit der Creme weitergeht.

3 Die Frischkäsecreme zubereiten und den Kuchen damit einstreichen. Vor dem Servieren kühlen stellen. Danach kann der Kuchen ganz nach Wunsch dekoriert werden, z.B. mit einer selbst gebastelten Möhren-Girlande oder klassisch mit niedlichen Marzipan-Möhren.

An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

in the
PACKAGE

**T-SHIRT
&
HOODIE**

fir nëmmen:
45 EURO



T-shirt 17€



Knuet 5€



Pullover 30€



Foulard 10€

and many more to ...

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard** & an nach villes mèi. Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un dän **Foulard**, **Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

>> Ausserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer << du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next Datumer wou den **SHOP** op ass:

... 11/05/2024 virum PC ... 29/06/2024 ... 12/10/2024 ...

DIVERS RO/TB SOUCHEN

Fräiheetsbam Stroossen

Rover - Tembo

WALK FOR NEPAL

Trëppele fir e gudden Zweck

21. ABRËLL 2024

Looss der deng Kilometer bezuelen a spent un d'ONGD.
Tëschent 5 a 50 km, du entscheets wéi wäit dass de gees!

Präis: 10 Euro z'iwwerweisen bis de 19. Abrëll op de FNEL
Programme Kont: LU95 0030 0457 4525 6000

Hei klicke fir d'Umeldung bis den 15. Abrëll!



Walk for Nepal_21.04.2024

Umeldung? bis de 15. Abrëll

Dir kennt iech entweder eleng oder als Clan umellen a selwer entscheede wéi wäit dir plangt ze trëppelen a wéini dir starte wëllt. Fréiste Start ass um 7:00 moies an um 19:00 soll jiddereen ukomm sinn. Natierlech kennt dir den Dag selwer awer nach är Distanz upassen.

Präiss? 10 Euro op de Kapp.

Hei ass e Moies & e Mëttegiessen + 1 Gedrénks esou wéi Waasser & Uebst à gogo mat dran. De ganzen Dag iwwer kennt dir weidert lessen a Gedrénks kafen. Den Erléis heivu gëtt och gespent.

Distanzen? Et gi 4 verschidde Weeër (5, 10, 15, 20 km) déi eenzel oder kombinéiert getrëppelt kenne gi. Start ass Schluss ass ëmmer beim Fräiheetsbam.

Wéi gëtt gespent? Ziel ass et Sponsoren ze sichen déi fir dech/deng Equipe Suen un d'ONGD spenden. Si kennen entscheeden op si eng gewëssen Somme pro getrëppelte Kilometer oder eng fix Somme spenden.

No der Umeldung kritt dir e PDF geschéckt wou dir des Sponsoren andree sollt an eis bis spëtstens de 17. Abrëll per Mail op rover@fnel.lu oder tembo@fnel.lu zréck schécke sollt. Nom Trëppeltour kritt dir vun eis eng Lëscht wie wéi vill Sue spent. Déi néideg Informatiounen fir ze spende fënns du dann och op deem Ziedel.

Programm beim Fräiheetsbam:

De ganzen Dag iwwer wäerten zousätzlech Ateliere beim Fräiheetsbam ugebuede ginn déi ee ka maache wann een es genuch vum trëppelen huet. Ausserdeem gëtt de ganzen Dag gegrillt a Gedrénks aus der Buvette zerwéiert.

FNEL - KALENNER



FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:

61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:

17:00 - 19:00

Den ScoutsShop ass
ëmmer Donneschdes
op, ausser während
den Schoulvakanz!

30.03.-02.04.2024	EX Brevet
30.03.-02.04.2024	1.Klass
30.03.-14.04.2024	OUSCHTERVAKANZ
27.-28.04.2024	LX Sixplo
28.04.2024	RO Walk to Nepal
04.05.2024	LX After Sixplo
04.-05.05.2024	EX Raid & Seefekëschten...
09.05.2024	BV FunDay
22.05.2024	CoGro
25.05.-02.06.2024	PËNGSCHTVAKANZ
16.06.2024	RO/TB BeachVolleyball
22.06.2024	Faackelzuch
26.06.2024	CoGro
05.07.2024	ScoutsWuppeFest
13-14.07.2024	POW-WOW
23.-25.08.2024	TB Hunt'it

ET SCHÉNGT ...

- 01) dat deen aalen Kichenfrigo an der Affart ab elo keen Wunndomiziil méi kann sinn, an oofgeholl ginn ass
- 02) wéi wann den Tameng beim Opriichten vun der AG wuel nach e Hänger haat an e Kaffi gebraucht huet
- 03) dat an Techuana och nees gudd gekacht gouf an Saachen ausprobéiert goufen, sou och Lësenpuffer
- 04) wéi wann eisen Klengen Mammut letztens bessi vill Gléck am Ongléck op der Belger Autobunn haat
- 05) dat eis LX Cheffin Tasha no séngen Edüten een flotten an interessanten Challenge gesicht huet
- 06) wéi wann nees Nowuess usteet an mer an 3 Méint een MiniLBB duerfen am Grupp Wëllkomm heeschen
- 07) dat d'Beaver bekannt sinn fir ëmmer Alles wëllen ze Entdecken a Erauszefannen wéi waat funktionéiert
- 08) wéi wann den Pongo ganz haard am Huelen wiir an d'Generalprouf mat entzündem Zand gehaalen huet
- 09) dat eisen RoverTemboQuiz 'Edition2' e vollen Erfolleg wor an den Léit ganz gudd gefall huet
- 10) dat mer eis zwar hun missen oofmellen um Woidla'24 am Summer mee eng flott Alternative steet

ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

- 01) wéi wann neien Frigo geliwwert gouf, d'Firma wuel nët genuch Power haat fir e bis an Kichen ze droen
- 02) dat hien sou midd wor dat en nom Zaapen vun dësem d'Mëllech mat schaarfen Ueleg verwiesselt huet
- 03) wéi wann déi virunallem beim Lynx gudd ukomm sinn, waat ee spéider bei de Puupereten gemiirkt huet
- 04) dat hien mat engem bloen Aan mee dofir Vollschaaden um Auto dovun komm ass bei der Vollbremsung
- 05) wéi wann hat deen fonnt huet am Nepal, wou hat s'ch fir ONGD gemellt huet fir Sie ze Ënnerstëtzen
- 06) dat dann fir den Tameng&Soa een aanert Kapitel an hiirem Liewen ufängt mat na vill méi Oofwiesslung
- 07) dat daat och op CH zoutreëft, an en neierdëngs wëll Wuess schmëlzen am Moossbecher am Mikrowell
- 08) dat hien awer kuerz virum RoverTemboQuiz den Zand eraushuelen geloss huet an sou moderéiert huet
- 09) wéi wann LBB 'Eurovision' richtig abgaangen ass an dat EQ d'Gewënner sinn an lo 2025 organiséieren
- 10) wéi wann CH-Ekippe s'ch freen géing, wann sou vill wéi méiglech Léit géinge matgoen, well watt méi ...

LBB MEMES

Entschellegt, mee eis
Fläsch Champes ass eidel..

Wanns de vum
Cheffendesche heiers dass
et Dessert soll ginn



Wann ee Kand
sei Foulard
vergies huet



Wanns de
realiseiers dass
et dei nächste
Keier Kuch get



LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Zimer, Fam. Reuter-Schantzen, ...

AGENDA | Abrëll-Juni'24

abrëll'24			mee'24			juni'24		
Me	1	LX Camp	Më	1		Sa	1	EX Sortie
Dë	2		Do	2		So	2	
Më	3		Fr	3		Me	3	
Do	4		Sa	4	LX/PV & BV Sortie FNEL EX Raid	Dë	4	
Fr	5	SG Camp	So	5	FNEL EX SeefenKeschRennen	Më	5	
Sa	6	BV Weekend SG Camp	Me	6		Do	6	
So	7	BV Weekend SG Camp	Dë	7		Fr	7	
Me	8		Më	8		Sa	8	BV/LX/EX & SG Sortie
Dë	9		Do	9	FNEL BV FunDay	So	9	
Më	10		Fr	10		Me	10	
Do	11		Sa	11	BV/LX/T V/EX LBB Shop	Dë	11	
Fr	12	LBB CH-Weekend	So	12		Më	12	
Sa	13	LBB CH-Weekend	Me	13		Do	13	
So	14	LBB CH-Weekend	Dë	14		Fr	14	
Me	15		Më	15		Sa	15	BV/T V/EX & LX Sortie
Dë	16		Do	16		So	16	
Më	17		Fr	17		Me	17	
Do	18	COMITÉ	Sa	18	PËNGSCHT-CAMP	Dë	18	
Fr	19		So	19	PËNGSCHT-CAMP	Më	19	
Sa	20	BV/LX/PV/EX	Me	20	PËNGSCHT-CAMP	Do	20	COMITÉ
So	21		Dë	21		Fr	21	
Me	22		Më	22		Sa	22	FaackelZuch & LBB GrillStand à voir
Dë	23		Do	23	COMITÉ	So	23	
Më	24		Fr	24		Me	24	
Do	25		Sa	25		Dë	25	
Fr	26		So	26		Më	26	
Sa	27	BV/T V/EX LBB Schaffw / FNEL LX Sixplo	Me	27		Do	27	
So	28	FNEL LX Sixplo LBB S-WE/ FNEL RO Nepal Wa	Dë	28		Fr	28	
Me	29		Më	29		Sa	29	LX/PV/EX & BV Sortie
Dë	30		Do	30		So	30	
			Fr	31				SUMMER-CAMP 05.-10.08.2024

ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT



fne! 18 19 20
scouts & guides



LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057

... Dêi EELER Léiwen hun sêch Enn
Joër nees getraff op e gudden
Maufel, gudd Gespräischer an fir eng
gudd Klatz ze schmaissen, mat méi
oder manner Talent ...



* THATS ALL FOLKS ...